

Eemoleg ...

Mat deem Wuert "eemoleg" sinn oft eng Rei Gefiller verbonnen, wéi zum Beispill Bewonnerung, Respekt, Hoffnung ... awer och Angscht oder Enttäuschung.

D'Drauwen- a Wäifest vun 2020 hat, bezéiungsweise dat vun 2021 huet, sécher de Statut "eemoleg" verdingt. Am 2020 Joer huet, aus bekannte Grënn a mat grousser Enttäuschung, d'Drauwen- a Wäifest komplett, inklusiv der Kréinung vun der Wäikinnigin, missen ofgesot ginn. Et ass ze hoffen, datt dëst an der iwwer 70jäereger Geschicht vum Fest wierklech eng eemoleg Situatioun wor an och wäert bleiwen. Dëst Joer, huet de Comité des

Fêtes dofir alles e Bewegung gesat, fir - trotz deenen am Moment nach bestoenden Aschränkungen - en Drauwen- a Wäifest organiséieren ze kënnen an esou e flotte Weekend ronderëm d'Kréinung vun der neier Kinnigin op d'Been ze stellen. Dat verdéngt eise Respekt. Bravo !

Eis aktuell Kinnigin, d'Jessica, huet sech sécher seng "Amtszäit" anescht virgestallt. Et ass an et bleift sécher eemoleg, datt eng Wäikinnigin zwee Joer am Amt ass an trotzdem hat d'Jessica an deenen zwee Joer leider nach manner Sortien an Optrëter wéi seng Virgängerinnen. Domat ass bestëmmt och eng grouss Enttäuschung verbonnen, an d'Jessica verdéngt dofir eis Bewonnerung an eis Dankbarkeit, well hatt awer dobäi bliwwen ass a seng limitéiert Missionen mat Asaz a Begeeschterung assuréiert huet.

Och wäert eis zukënfteg Wäikinnigin Lee enttäuscht gewiescht sinn, wéi et 2020 geheescht huet: "Du muss nach

e weidert Joer Prinzessin bleiwen a nach op deng Kréinung waarden". Haut ass d'Lee sécher frou, datt deemools déi (richteg) Entscheidung esou geholl ginn ass. Mir wënschen der neier Wäikinnigin all Gutts a vill Sortien als Ambassadrice vun eisem lëtzebuurger Wäin. Ech sinn iwwerzeegt, datt d'Lee dës Missioun mat grousser Begeeschterung a Kompetenz genau esou gutt wäert meeschten, wéi deemools seng Mamm Florence als Wäikinnigin vu 1992.

Eemoleg roueg war et och 2020 an 2021 op eiser Musel. Keng Wäifester, kee Wäischmaachen, jo et kéint een vun engem éischter "drëschenen" Summer schwätzen. Touristesch konnte mir feststellen, datt insgesamt méi Awunner vu Lëtzebuerg, ganz nom Motto „Vakanz doheem“, de Wee op eis schéi Musel fonnt hunn. Och gouf ganz oft - wann d'Situatioun et erlaabt huet - profitéiert, fir bei eise Wënzer anzekéieren an eis formidabel Wäiner a Crémanten ze schmaachen bezé-



Gilles ESTGEN

Président vum ORT
Regioun Musel
www.visitmoselle.lu

ungsweis (nei) ze entdecken. Esou ass ze hoffen, datt dëst net eng eemoleg, situatiounsbedéngte, Visite an eiser Regioun bleift an d'Leit eisem Wäin an eiser Regioun trei bleiwen.

Eis Muselregioun soll nees wéi gewinnt mat Liewe gefëllt gin. D'Awunner an d'Touristen wëllen endlech nees - besonnesch am Summer - geselleg a lëschtteg Momenter ronderëm eis Wäiner erliewen, beim

Wënzer oder op eise sëllege Fester déi mir jo all (nach) kennen. De Comité des Fêtes bréngt mat dëser 71. Editioun vum Drauwen- a Wäifest nees e Stéck „Normalitéit“ an eis Regioun. Mat engem "Plang B" organiséieren si eben dat wat am Moment machbar ass. Am Numm vum ORT Musel wënschen ech hinnen dofir e grouss Succès an datt vill Leit de Wee an d'Muselmetropol fannen.